# Rapport Referees' Commission - 15.10.2024

Present : Courtois, Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Simonelli, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Nesser, Volz

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 10.09.2024***

2) ***SBO/Chrono:***
*Déi 3 SBO/Chrono Coure vum Ufank der Saison ware gutt besicht. Et waren all Kéiers 12-16 Leit am Cours. De Cours – Merci dem Willy fir seng gutt Viraarbecht – gëtt op de Site vun der Federatioun gesat. Hei kënnt och e « manuelle » Spillbou dobäi.*

3) ***Arbitrage:***
*D'RefCom krut nees e puer Reklamatiounen iwwer Arbitter. Dës Rapporte ginn ënnersicht, a falls néideg, ginn déi nächst Schrëtt ënnerholl. Detailer heizou kommen, falls weider Decisiounen néideg sinn.*

4) ***Rappel un d'Arbitter :***
*Fir een AXA-League Match MUSSEN d'Arbitter spéitstens 1 Stonn virum Match an der Hal a sollen och 45 Minutte virum Match bei der technescher Sëtzung dobäi sinn.*

5) ***Examen C-Arbitter :***
*De Mathis Derneden an de Vincent Berrend hunn hiren C-Schäi mat Bravour gepackt. Leider ass et net méi duer gaange fir d'Diplomiwwerreechung vun dësem Joer. Si kréien hiren Diplom dann 2025.*
*D'Diplomer vun dësem Joer sinn den 22.Oktober iwwerreecht ginn. D'RefCom war duerch hire Präsident vertrueden.*

6) ***Uniformen :***
*Déi Arbitter déi hier wäiss Uniform nach net hunn, mussen déi bis Enn Dezember 2024 siche kommen. Duerno ass net garantéiert, dass déi gewielte Gréissten do sinn.*

7) ***Prag Handball Cup***
*Och dës Saison wëll d'RefCom e puer Koppelen Arbitter op de Prag Handball Cup schécken. Hei sief ze bemierken, dass de Youth-Cup zu Diddeleng de selwechte Weekend ass. Interesséiert Arbitter fir Prag, sollen sech beim Noémie Keiffer mellen (noemie.keiffer@yahoo.de)*

8) ***Reunioun Tuteurs-JA :***
*De 17. Oktober war eng Reunioun mat den Tuteur vun de jeunes-arbitres. De Francis an d'Noémie Keiffer hunn sech dem Thema JA an Tuteur ugeholl. Froen heizou sollen dann och u si gestallt ginn.*

9) ***Formatioun :***
*Déi nächst Versammlung fir all Arbitter ass de 14.12.2024 um 09h30 zu Stroossen an der Maison des Sports (3, route d'Arlon 8009 Strassen). D'Thema ass eng oder méi Video-analyse vun eisen internationale Koppelen.*

10) ***Reegel a Laftester fir de Play-off :***
*Déi nächst Reegel a Laftester fir de Play-off si Samschdes den 11. Januar 2025 um 09h30 a Freides de 17. Januar 2025 um 19h00 um INS.*

**Nächst RefCom: Dënschdes den 26. November 2024 um 18h30 zu Stroossen.**